N°1648
Entrée le 11.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.12.2024

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Inneminister weiderzeleeden:

„A leschter Zäit koum et an eenzelne Gemengen zu Spannungen, jo Konflikter tëscht Deeler vum Gemengepersonal an dem Schäfferot oder tëscht Beamten. Och stellen sech ëmmer nees Disziplinsprobleemer.

*An deem Kader wollt ech dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

- Wéi gesäit den Här Minister d'Entwécklung vun esou enge Fäll am Gemengesecteur? Gëtt et heizou Zuelematerial ?
- Wéi ginn disziplinaresch Froen am Gemengesecteur de Moment behandelt? Ass do eventuell een neutrale „Commissaire chargé de l'enquête disciplinaire", sou wéi an der klassescher Fonction publique (Staat), ugeduecht?
- Gëtt et eng „Cellule de médiation" am Ministère fir bannenzegt Ugeleeënheeten, déi eventuell hëllefe ka fir Konflikter ze schlichten? Wann nee, denkt den Här Minister drun, fir esou eng „Cellule de médiation" an eventuell och ee Service psycho-social ze schafen?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu